N°2092
Entrée le 14.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung, Kanner a Jugend & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1838 ass ersiichtlech, datt an de leschte Joren d'Unzuel vun de Mises en demeure dramatesch geklomm ass, besonnesch am Beräich vun de Bildungs- a Betreiungsstrukturen (SEA). D'Hausse vu 17 Mises en demeure am Joer 2020 op 175 am Joer 2024 ass alarmant a weist op e fundamentale Problem am System hin.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat huet et bis 2023 gedauert, fir d'Kontrollmechanismen "nei opzestellen", wann d'Qualitéit vun der Kannerbetreiung schonn zënter laangem e wichtegt gesellschaftlecht Uleies ass?

2. Wéi erkläert de Minister, datt 115 Strukturen an deene leschte fënnef Joer méi wéi eng Mise en demeure kritt hunn? Wat sinn d'Konsequenze fir Strukturen, déi widderholl Verstéiss opweisen, ausser dem Entzuch vum Agrement?

3. De Personalmangel respektiv de Mangel u net genuch qualifizéiertem Personal gëtt als ee vun den Haaptgrënn fir Verstéiss genannt. Wat ënnerhëlt d'Regierung konkret, fir deem entgéintzewierken? Wéi eng budgetär Mëttel gi konkret investéiert, fir déi desolat Situatioun ze verbesseren?

4. Am Beräich vun der Aide à l'enfance et à la famille (AEF) ginn et Fäll vu "Mise en danger – Abus" bei Fleegefamillen.

   Ëm wéi eng konkret Fäll handelt et sech hei a wéi séier war d'Interventioun vum Ministère? Wéi gëtt garantéiert, datt betraffe Kanner direkt eng sécher Plaz kréien?

5. Wéi eng Moossname sinn a Planung, fir déi massiv Zounam vu 400% bei de Mises en demeure tëscht 2022 an 2023 ze reduzéieren? Gesäit de Minister dëst als en Zeeche vun engem strukturelle Versoen am ganze Secteur?

6. Gëtt et e Kriseplang, fir déi 175 Mises en demeure am Joer 2024 ze bewältegen a wéi eng zousätzlech Ressourcë ginn agesat, fir dëser extreemer Situatioun Här ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten